

--	--

Dem Julia seng Wallis

D'Stéck vum Joer - 2018

Geschriwwe vum Roland Meyer

fir méi oder manner 20 Kanner

Rollen:

Julia

Romeo

Lucky Luke

Max

Moritz

Joe Dalton

William Dalton

Jack Dalton

Averell Dalton

Panzerknacker 1

Panzerknacker 2

Panzerknacker 3

Harry Potter

Huckleberry Finn

Dem Julia säi Papp

Dem Julia seng Mamm

De Chef de Gare

Pipi Langstrumpf

Gretel

Hänsel

Szen 1: Wou ass de Romeo?

Op engem Quai op iergend enger Gare vun dier grousser, wäiter Welt steet de Chef de Gare. Hien ass am gaangen d'Ziedele mat den Zich, de Gleiser an den Destinatiounen opzehänken. Et ass vill Aarbecht an de Chef de Gare gëtt sech vill Méi. Wéi hien endlech fäerdeg ass, ass hien déck zefridden an och e bëssen houfreg op sech selwer. Hie geet.

Den Hänsel an d'Gretel kommen.

Gretel: Boaw, du muss jo ëmmer alles besser wëssen!

Hänsel: Jo, ech weess och net, wat elo geschitt ass.

Gretel: Fir d'éischt hate mir Kiselsteng, an dono Broutgrimmelen... an näischt huet geklappt.

Hänsel: Gréidel, wéi et schéngt si mir op enger Gare geland. A wat maache mir dann hei?

Si rëseln de Kapp a gi weider.

Da kënnt de Lucky Luke a stellt sech op de Quai. Hie langweilt sech, stréckt sech, an hien zitt ëmmer nees säi Revolver, hie wëllt méi séier zéien, wéi säin eegene Schied.

Lucky: Ha, Schied, géint mech hues du keng Chance! Ech zéie méi séier weis du.

Den Harry Potter kënnt eran. Hie sicht eppes...

Harry: Entschëllegt Monsieur,... oh Dir sidd et... ech mengen,.... ech kennen Iech?!

Lucky: Ma léiwe Jong! Wie kennt mech net!

Harry: Ech gi verréckt... Dir sidd de Lucky Luke, de Mann, die méi séier schéisse kann, wéi säin eegene Schied.

Lucky: Yo Mann, genee die sinn ech. Weltberühmt a mega séier! Kuck hei....

Hie weist, wat e kann... Päng, Päng, Päng... d'Loftbäll zerplatzen.

Lucky: Päng, Päng, Päng,... mee so emol, dech kennen ech iewer och, waart, du bass, du bass, ... de Räiber Hotzeplotz?

Harry: Neeee!

Lucky: Den Jim Knopf?

Harry: Nee, och net!

Lucky: De Winnetou?

Harry: Ma nee, ech hunn dach keng Sëlwerbécks!

Lucky: Den Hoppen Théid?

Harry: Mäi Gott a mäin Här! Ech kann Zauberen, ech reiden op engem Biesem a mäi gréisste Feind ass de ... Loooooooooord Voooooooooldemooooooooor.

Lucky: Den Harry Botter.... oder wéi heescht dien.....!!!!

Harry: Genee, däerf ech mech virstellen, ech sinn den Harry Potter, enchantéiert, an ech sinn ënnerwee op Hogwarts, a mäin Internat, wësst Dir net zoufälleg, wou...

Lucky: ... wou d'Gleis ningdräivéierel ass?

Harry: Wouhier wësst Dir wat ech sichen.... dat grenzt un Zauberei?!

Lucky: Lauschter emol Jéngelchen, all Mësch weess dach, dass du vum Gleis ningdräivéierel an d'Schoul fiers!

Harry: Wësst Dir wou dat Gleis ass?

Lucky: Ehmhhh, nee!

Si stinn nach nach e bëssen do, de Lucky übt, den Harry sicht... an da kënnt d'Julia. De Lucky ass beandrockt, wat eng schéi Fra, den Harry frëndlech, hien ass ëmmer sou.

Lucky: Boaw! Gudde Moie, Jëfferchen, a wou wëlle mir dann hin?

Julia: Gudde Moien, esou wäit ech weess, wëlle mir zwee zesummen néierens hin! Mee ech, alleng, wëll anzwousch hin. Mee ech weess net, ob ech lech dat elo einfach esou verziele soll hei?

Harry: Do hutt Dir Recht Joffer, wann een sech esou ëmkuckt, da gesäit ee vill lusch Gestalten, déi sech hei op der Gare erëmdreiwen!

Am Hannergrond gesäit een elo d'Panzerknacker....

Lucky: Dir braucht net ze fäerten, Joffer! Ech sinn do, dann trauen déi sech net heihin. Erlaabt, Luke ass mäi Numm, Lucky Luke, weltberühmt a méi séier wéi säi Schied.

Julia: Immens séier am Téinen an am Sech-Bretzen! Dat hu mir scho gemierkt!
A soss esou.....?

Harry: An ech sinn, erlaabt, den Harry Potter, also ech, ech sichen, wéi soll ech
soen ...

Julia: ... d'Gleis ningdraivéierel, ech weess.

Harry: Genee, wéist Dir wou et ass?

Julia: A wouhier soll ech dat da wëssen? Ech sinn d'Julia, ech wunnen an engem
Palast, mäi Papp ass ee voll räiche Geschäftsmann... do hunn ech et net néideg
ze wëssen, wou een Zuch fortfiert oder ukënnt, a scho guer net, wou esou een
aarmséilege Wiicht wéi s du soll den Zuch huelen! Gleis ningdräivéierel... do ka
jo just ee Schrëftsteller drop kommen.

Lucky: Eng Schrëftstellerin.

Julia: Pardon?

Harry: Joanne K. Rowling, dat ass eng Fra... also eng Schrëftstellerin.

*Am Hannergrond dauchen déi véier Daltons op... De Lucky kuckt dier Saach eng
Zäitche no, da geet en...*

Lucky: Entschëllegt, schéi Joffer, entschëlleg Harry, mee ech hunn een Job ze
erledegen.

Julia: Wat hutt Dir ze maachen?

Lucky: Vlächcht kennt Dir déi véier do hannen?

Julia: Ech gesi keen.

Lucky: Déi do iwwer... Dat sinn d'Daltons, déi geféierlechst Banditten wäit a
breet.

*Hie geet vun der Bühn... am Hannergrond gesäit een hien hannert den Daltons
schlächchen... D'Julia fänkt un ze fäerten.*

Harry: Joffer Julia, firwat sidd Dir dann hei op der Gare? Firwat huilt Dir net
Ärem Papp säin Helikopter oder säi Privatjet?

D'Julia wénkt den Harry bei sech, kuckt em sech a flüstert...

Julia: Ech, also mir sinn op der Flucht.

Harry: Dat verstinn ech net!

Julia: Harry, du kenns dach de Romeo, mäin Häerzallerléifsten?

Harry: De Romeo? Jo, de Romeo, wie kennt e net! Die berühmste Verléifte vun allen Zäiten!

Julia: Mir sinn doheem fortgelaf, weess de, well meng Eltere net wëllen, datt ech mech mam Romeo bestueden.

Harry: Jo, an dem Romeo seng Eltere wëllen och net, datt hien sech mat lech bestied.

Julia: Genee! Wouhier weess du dat?

Harry: Ma dat weess dach all Mënsch op der Welt! Dem Shakespeare säi Buch, säin Theaterstéck, seng Geschicht ass weltberühmt. Et gëtt Bicher, léift Julia, déi si méi bekannt wéi dem Rihanna seng Lidder, dem Messi seng Goaler oder dem Trump seng Dommheeten!

Julia: So Harry...

Harry: ... jo Joffer Julia?

Julia: Hues du de Romeo gesinn? Mir haten hei Rendezvous, mee hien ass ëmmer nach net do.

Harry: Nee, Joffer Julia, ech hunn Äre Romeo nach néierens gesinn.

Julia: Et si just nach zéng Minutten, bis eisen Zuch fiert... ech ginn emol séier an d'Gare kucken, ob hien net do op mech waart. Kanns du esou laang op meng Wallis oppassen?

Harry: Jo, mee...

Julia: Wann ech gelift!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!! Et dauert och net laang.

Harry: Also ech...

Julia: Wëll déi Wallis ass ganz wäertvoll, net datt op eemol nach een se klaut!

Harry: Mäin Zuch...

Julia: Ech sinn direkt erëm... just eng Minutt! Net méi!

A schwupps ass hatt fort. Hatt kënnt laanscht dem Chef de Gare säi Panneau, a stéisst en ëm. D'Ziedelen, déi de Chef de Gare grad opgehaangen hat, fléien duerch d'Luucht. De Chef de Gare kënnt gelaf, en ass ausser sech.

Chef de Gare: Nee, nee a nach eng Kéier nee!!! Elo war ech just fäerdeg. Sot haalt Dir mech fir Äeren lesel. O waart, wann ech lech kréien, da wäert ech lech d'Ouere sou laang d'zéien an lech an der Luucht dréien, bis iech Zänn aus de Baken eraus wuessen... *un de Publikum* also nee déi Jugend vun haut! Da lafen se mat hieren Handyen am Grapp duerch d'Welt a mierken net, wéi Eiseree sech plot! Op de Mound schécke misst een se all!

De Chef de Gare fänkt nees un, d'Ziedelen opzehänken, an den Harry steet ganz verdaddert do. Am Hannergronn gesäit een d'Panzerknacker sech d'Hänn reiwen.

Da kënnt Pipi Langstrumpf eran. Hatt bleift an der Mëtt vuin der Bühn stoen, ass iewer ganz e Gedanken, a bemierkt net, wat ëm hatt geschitt. Hatt huet den Text vu sengem Lidd vergiess.

Pipi: 2 x 3 macht 4 – Widdewiddewitt und Drei macht Neune !! – Krenondikass, ech hunn den Text vu mengem Lidd vergiess. Wat soll ech dann elo nëmme maachen. Wann ech mäi Lidd net sange kann, da gleeft keen, datt ech d'Pipi Langstrumpf sinn! Also nach eng Kéier... 2 x 3 macht 4 – Widdewiddewitt und Drei macht Neune - Ich mach' mir die Welt - Widdewidde wie sie mir gefällt.

D'Pipi geet.

Szeen 2 – De Banditten-Danz

Interszen: D'Panzerknacker an d'Daltons danzen de Banditten-Danz, den Harry steet beim Koffer, de Lucky Luke probéiert d'Daltons ze fänken.....

Szeen 3 – Wou ass d'Julia?

Den Harry steet elo ganz alleng bei der Wallis.

Harry *un d'Publikum* : Wësst dir, wat an deem wäertvolle Koffer dran ass? Gold? Edelsteng? Diamanten? D'Julia ass jo voll räich, senger Famill gehéiert de ganze Boulevard Royal. An dier Wallis muss ee Verméige sinn. Wann dat meng wier, bräicht ech ni méi op Hogwarts zrëck! Ech misst net déi ganz langweileg Zauberei léieren. Ech misst mech net géint de Lord Voldemort wieren... wat wir dat schéin!!! – Dajee Julia, wou bleift Dir? Juuuuuliiiiiiiiiaaaaa?

Den Huckleberry Finn an de Max an de Moritz komme bei den Harry.

Huck: Éy Mann, ech gi verréckt! Kuck do, den Harry Potter!

Harry: Yo Männer! Hutt dir d'Julia gesinn?

Max: Elo emol lues!

Moritz: Wien – ass – d'Julia?

Harry: Ma d'Julia eben, dat vu Romeo a Julia.

Huck: Dat ass eng Tussi!

Harry: Jo, wéinst menger, mee et huet mech hei mat senger topeger Wallis stoe geloss, an ech muss an enger Minutt op mäin Zuch, an ech weess emol nach net, wou...

Moritz: Éy Mann,... wou d'Gleis ningdräivéierel ass!

Harry: Wouhier weess du dat?

Max: Dat weess dach all Mënsch!

Huck: Krenondipipe, ech hu mech nach net virgestallt. Ech sinn den Huckleberry Finn, Mann!

Harry: Dem Tom Sawyer säi Kolleg?

Max: Korrekt, genau deen!

Moritz *un d'Publikum* : An eis zwee kennt jo och all Mësch!

.... Publikum äntwert.... vläicht oder guer net

Max: Dajee..... mäi Gott a mäin Här, mir sinn de Max an de Moritz, déi zwee gréisste Lausbouwen vun der Welt.

Max & Moritz: Kennt dann haut keen eis méi?

Interszen: De Max an de Moritz gi virgestallt..... dat kann unhand vun engem Danz, engem Lidd, engem Rap oder engem Schattentheater... geschéien.

Harry: Sot dir dräi, also, wéi soll ech soen, kënnt dir net e bëssen op dem Julia seng Wallis oppassen, ech muss elo - onbedingt - op mäin Zuch.

Huck, Max, Moritz: Näischt léiwer wéi dat! *Si laachen a reiwten sech d'Hänn...*

Harry: Da sinn ech berouegt! Allez, villmools Merci, a bis geschwënn eng Kéier!

A schupps ass den Harry fort. Hie kënnt laanscht dem Chef de Gare säi Panneau, a stéisst en ëm. D'Ziedelen, déi de Chef de Gare grad opgehaangen hat, fléien duerch d'Luucht. De Chef de Gare kënnt gelaf an ass ausser sech.

Chef de Gare: Nee, nee a nach eng Kéier nee!!! Elo war ech just fäerdeg. Sot haalt dir mech fir Äeren lesel. O waart, wann ech iech kréien, da wäert ech iech d'Ouere sou laang d'zéien an iech an der Luucht dréien, bis iech Zänn aus de Baken eraus wuessen... *un de Publikum* Also nee, hutt Dir die Brëllekukuk do gesinn. E Gestell op der Nues esou grouss. *Hie weist et mat den Hänn* Ma wann ech dach weess, datt ech näischt gesinn, wann ech weess, datt ech halwer blann sinn, da ginn ech mir e bësse méi Méi! Wat stellt dien sech vir, ech froe mech just, wat stellen esou Leit sech vir!

De Chef de Gare fänkt nees un, d'Ziedelen opzehänken.

Déi dräi kucken sech un a laache gespaant. Si wëllen d'Wallis opmaachen, fir ze kucken, wat dran ass.

Max: Hmmm, also! Solle mir? ...

Moritz: se opmaachen???

Huck: Natierlech, wat fir eng Fro!

Max: Wat soll nëmmen do dra sinn????

Moritz: Vlächicht dem Julia seng... Ënnerwäsch!!!

Si bécken sech grad iwwe d'Wallis, do kënnt de Romeo eran.

Romeo: Julia, Julia, wou bass du?

Huck: Krenondipipe, de Romeo – dien huet eis elo nach just gefeelt!

Max & Moritz *stellen sech onschëlleg* : Gudde Moie Romeo.

Romeo: Moien! Hutt dir d'Julia gesinn?

Huck: D'Julia? Nee Mann, dat hu mir net gesinn. Et deet mer leed!

Romeo: Mee dat do ass dach dem Julia seng Wallis, da muss hatt dach och do sinn... iergendswou?? *Hie kuckt sech ëm... an ass am Sichen.*

Max: Also, déi Saach ass esou...

Moritz: ... hmm, déi Saach ass eigentlech ganz einfach ...

Huck: ... just e bësse komplizéiert, also, nëmmen e bëssen...

Moritz: ... jo, nëmmen e ganz e bëssen ... komplex, oder esou...

Romeo: Dajee, maacht virun, schwätzt net em de Bräi, eisen Zuch fiert geschwënn, a meng Mamm ass hannert mir hier, fir mech nees mat Heem ze huelen!

Max: Jo, d'Julia war hei mam Lucky Luke a mam Harry Potter.

Moritz: Genee, mam Lucky Luke a mam Harry Potter, mee du waars net hei.

Huck: An dunn ass d'Julia an d'Gare gelaf, dohinner, fir no dir ze sichen.

Max: An de Lucky Luke huet sech op de Wee gemaach, fir d'Daltons ze verhaften.

Am Hannergronn schläichen sech d'Panzerknacker méi no.

Romeo: Jo, an?

Moritz: An d'Julia sot zum Harry Potter, hie soll op him seng Wallis oppassen.

Romeo: A wou ass deen Harry Potter dann elo, dee weess jo bestëmmt wou d'Julia ass?

Huck: Deen huet missen op säin Zuch.

Romeo: Deen ass also och fort... !

Huck: Jo, op säin Zuch.

Romeo: Wat een Duercherneen!

De Lucky Luke kënnt op d'Bühn.

Lucky: Ah, gutt, datt ech iech hei treffen. Kommt mat, dir kënnt mir elo gutt eng Hand upaken!

Romeo: Ech hu keng Zäit, ech muss mam Julia an d'Flitterwochen.

Huck: Éy Mann, Flitterwochen, ech laache mech futti.

Luke: Mir hunn elo keng Zäit fir d'Flitterwochen. Kommt, mir mussen d'Daltons schnapen!

Max: Ha, do si mir dobäi! Allez, mir schnapen se!

Moritz: Auf sie mit Gebrüll!

Luke: Pssst, maacht méi lues, soss gi se mir nees duerch d'Bascht!

Huck & Max & Moritz: Pssst, méi lues, soss gi se him nees duerch d'Bascht!

Déi véier verschwannen, de Romeo ass nach alleng op der Bühn.

Romeo: Elauter Mëller! Déi hu se jo net méi all! – A wat soll iwwerhaupt am Julia senger Wallis sinn? Vlächicht säin Hochzäitsrack, dien hatt undeet, wa mir eis op dem "Traumschiff" bestueden? Oh, dat gëtt esou schéin!!! - Julia, Julia, wou bass du dann nëmmen?

Hie geet hin an hier, sicht...

Romeo: Wat hat dien Huck scho méi gesot? *Un de Publikum* D'Julia ging an der Gare no mir sichen? Jo, da lafen ech emol séier dohinner, da fannen ech mäin Häerzallerléifstent bestëmmt ... an der Gare!

A schwupps ass e fort. D'Wallis steet alleng op der Bühn.

Szeen 3 – Wou si se all hin?

Den Hänsel an d'Gretel kommen.

Gretel: Hänsel, ech ginn elo bei mäin Affekot a loosse mech vun dir scheeden.

Hänsel: Ma Gréidel, mir sinn dach guer net bestued, mir si Brudder a Schwëster.

Gretel: Dat ass mir egal. Mat esou engem Loser wéi s du ee bass, well ech näischt méi ze dinn hunn.

Hänsel: Fraen, ech soe just Fraen! Firwat hunn d'Gebridder Grim mir missen eng Schwëster ginn, an net e Brudder!

Si rëselen de Kapp a gi weider.

Pink-Panther-Musik dum dum dum... D'Panzerknacker komme geschlach, fir d'Wallis ze klauen, mee just ier si se erreecht hunn...

Vu lenks kënnt dem Romeo seng Mamm, vu riets dem Romeo säi Papp. Si ginn allenzwee hannerrécks a stoussen an der Mëtt vun der Bühn mat de Récker zesummen. Si erféiere schrecklech a brëllen esou haart se kënnen. D'Panzerknacker luussen vun hannen a lauerer op hier Chance.

Mamm & Papp: AAAAAAAAAAHHHHHHHHHHHHHHHHHHHHHHHHHHHHHHHH!

Si bekucken sech.

Papp: Bass du et? Dem Romeo seng Mamm?

Mamm: Bass du et? Dem Julia säi Papp?

Si dréinen sech nees em a sti mat de Récker widdereneen.

Mamm & Papp: Ma mir kënnen eis dach net ausstoen.

Mamm: Eis Famillen hu scho joerelaang Kaméidi mateneen.

Papp: An dofir verbidden ech dem Julia, sech mat dengem Fissi ze bestueden.

Mamm: An ech verbidden dem Romeo deng Schnuddlesch ze huelen.

Si dréien sech nees no vir.

Mamm & Papp: Mee elo si se fort.

Papp: Mäi gutt Julia ass verschwonnen.

Mamm: Mäi gudde Romeo ass net méi do.

Papp: Kommt, Madame, hei gesäit keen eis, loosst eis eis Kanner ... zesumme sichen.

Mamm: Jo, wa keen eis gesäit, da siche mir se ... zesummen.

Mamm & Papp: Zesummen ass ee méi staark.

Papp *un de Publikum* : Wësst dir, wou eise Romeo an eist Julia sinn?

Zesumme gi si vun der Bühn. Si komme laanscht dem Chef de Gare säi Panneau, a stoussen en ëm. D'Ziedelen, déi de Chef de Gare grad opgehaangen hat, fléien duerch d'Luucht. De Chef de Gare ass ausser sech.

Chef de Gare: Nee, nee a nach eng Kéier nee!!! Elo war ech just fäerdeg. Sot haalt Dir mech fir Äeren Iesel. O waart, wann ech lech kréien, da wäert ech lech d'Ouere sou laang d'zéien an lech an der Luucht dréien, bis lech Zänn aus de Baken eraus wuessen... *un de Publikum* Also nee, hutt Dir déi zwou al Turteldeiwercher do gesinn. Al wéi all näischt gudds, mee nach ëmmer kënnen se d'Fanger net vunenee loossen. Et gött Héichzäit, datt déi do an d'Wiesseljoere kommen! Ma hunn ech dann net Recht!!

De Chef de Gare fänkt nees un, d'Ziedelen opzehänken.

Pink-Panther-Musik dum dum dum... nees kommen d'Panzerknacker geschlach.... mee vun dier anerer Säit daucht d'Julia op.

Julia: Romeo, Romeo, wou bass du dann nëmme? Du kanns mech dach hei net sëtze loossen, eisen Zuch fiert an e puer Minutten.

Hatt gesäit d'Wallis, sëtzt sech drop.

Julia: Wéinstens ass meng Wallis nach do... *un de Publikum* Wësst dir net wou mäi Romeo ass?

Hatt verschwënnt zu dier selwechter Säit, wou et komm ass.

Pink-Panther-Musik dum dum dum... elo kommen déi véier Daltons op d'Bühn geschlach. Si gesinn d'Wallis a reiwen sech d'Hänn.

Joe: Ei kuck emol do... wat steet dann elo?

William: Ma dat ass dach dem Julia seng Wallis.

Jack: D'Julia ass esou räich wéi de Bill Gates!

Averell: Dann ass seng Wallis bestëmmt voller Dollaren.

Joe: Voller Dollaren! Ei kuck emol do... elo si mir och räich, hoho!

William: Mir brauche just déi klitzekleeng Wallis do ze stibitzen, déi ass voller Dollaren.

Jack: Dat mécht dach näischt, dat mierkt dach keen.

Averell: Se steet jo hei, esou ganz alleng.

Si wëllen se huelen. Do brëllt den Joe am leschte Moment:

Joe: Ei kuck emol do!

William: Dat ass de Lucky Luke!

Jack: Loost d'Wallis stoen!

Averell: A maacht iech séier aus dem Stepps!

Si sprangen eng Kéier zesummen an d'Luucht a lafen dann zu der selwechter Säit eraus, wou se erakoumen.

Pink-Panther-Musik dum dum dum... de Lucky Luke kënnt mat dem Huck an dem Max a Moritz erageschlach. Si kucken sech ëm, sichen...

Lucky: Hei ass keen.

Huck: Éy Mann, déi hu sech schonn nees iwwer d'Huttschnouer gemaach!

Max: Wat hu se gemaach?

Moritz: Déi hu sech derduerch gemaach.

Max: Wou duerch?

Moritz: Vergiess et!

Lucky *un de Publikum* Hutt dir gesinn, wou d'Daltons hi sinn?

Si verschwannen esou wéi se komm sinn.

Da kënnt Pippi Langstrumpf eran. Hatt bleift an der Mëtt vun der Bühn stoen, ass iewer ganz e Gedanken, a bemierkt net, wat ëm hatt geschitt. Hatt huet den Text vu sengem Lidd vergiess.

Pipi: 2 x 3 macht 4 – Widdewiddewitt und Drei macht Neune !! – Krenondikass, ech hunn den Text vu mengem Lidd vergiess. Wat soll ech dann elo nëmme maachen. Wann ech mäi Lidd net sange kann, da gleeft keen, datt ech d'Pipi Langstrumpf sinn! Also nach eng Kéier... 2 x 3 macht 4 – Widdewiddewitt und Drei macht Neune - Ich mach' mir die Welt - Widdewidde wie sie mir gefällt. Hey - Pippi Langstrumpf - trallari trallahey tralla hoppasasa - Hey - Pippi Langstrumpf, - die macht, was ihr gefällt.

D'Pipi geet a sengt iwverdeems weider Hey - Pippi Langstrumpf - trallari trallahey tralla hoppasasa - Hey - Pippi Langstrumpf, - die macht, was ihr gefällt.

Pink-Panther-Musik dum dum dum... elo kënnt vun dier anerer Säit de Romeo.

Romeo: Julia, Julia, wou bass du dann nëmmen.

Hie sëtzt sech op d'Wallis.

Romeo: Et kann nach net wäit sinn. Seng Wallis steet ëmmer nach hei um Quai. Mee dat hätt ech net vun him geduecht, datt hatt mech elo esou géing hei sëtze loossen. Et wäert dach keen aneren hunn??? *Un de Publikum* Wësst dir vläicht, wou d'Julia ass?

De Romeo geet zu der selwechter Säit eraus, wou hien erakomm war.

Pink-Panther-Musik dum dum dum... elo kommen d'Panzerknacker. Si gesinn de Koffer a freeën sech immens.

PZ1: A wat hu mir dann hei?

PZ2: Dem Julia seng Wallis... gutt gefällt mat Dukaten.

PZ3: Ma hatt ass nach méi räich wéi den Dagobert Duck!

PZ1: Ha, wa mir him elo d'Wallis klauen, da si mir grad esou räich.

PZ2: Da kann ech mir eng déck Fra an een dënne Auto leeschten!

PZ1 a PZ3 kucken de PZ2 un...

PZ1 & PZ3: Wat labers du do?

PZ2: Ajo, ech hu mech g'iert, en décken Auto an eng dënn Fra!

PZ1: Allez hopp, huel de Koffer.

PZ3: An da maache mir eis séier duerch d'Bascht!

De PZ2 hëllt de Koffer a si verschwanne vun der Bühn, dobäi laachen se knaschteg.

Szen 4 – Et waren d’Panzerknacker!

D’Julia kënnt op d’Bühn. Hatt ass flemmseg.

Julia: Elo ass den Zuch fort, an de Romeo ass net komm. Hien huet mech sätze gelooss ... hien huet bestëmmt een anert ... eent dat vill méi schéin ass wéi ech ... eent dat vill méi gescheit ass wéi ech. Ech hunn iewer och keng Chance am Liewen, meng Eltere wëlle net, datt ech mech mam Romeo bestueden, an hie wëllt mech och net méi. Ass dann iwwerhaapt kee méi frou mat mir?

Hatt wëllt sech op d’Wallis setzen, mee déi ass net méi do, dofir fällt hatt op den Hënner.

Julia: Auaaa! A wat ass dann elo geschitt? Mamma mia! Hei stoung dach meng Wallis, do konnt ech mech dach ëmmer drop setzen... elo setzen ech um Hënner... also ... d’Wallis ass fort!

Hatt spréngt op.

Julia: Hëllef! Hëllef! Meng Wallis ass fort!

De Lucky Luke kënnt erbäigelaf.

Lucky: O Mamm, Julia, a wat ass dir da geschitt?

D’Julia steet op.

Julia: Meng Wallis ass fort.

Lucky: Dat ware bestëmmt d’Daltons!

Julia: D’Daltons?

Lucky: Dat kënne nëmmen d’Daltons gewiescht sinn. Déi hu se geklaut.

Julia: Oh my God!

D’Julia fällt schwaach. Den Harry Potter kënnt am leschten Abléck gelaf a fänkt hatt op.

Harry: Puh, dat war knapps! Wat ass hei lass?

Lucky: Seng Wallis ass fort.

Harry: A säi Romeo ass och fort.

D'Julia kënnt zou sech.

Julia: Romeo, Romeo, bass du dat? Hues du mech esou douce opgefaangen?

Harry: Nee, ech sinn et, Joffer, den Harry Potter.

Julia: Den Harry Potter? Schued!

Den Harry léist d'Julia op de Buedem falen.

Julia: Aua! Du hues mir wéigedoen.

Harry: Wann Dir nëmme wëllt "vun Ärem Romeo" opgefaange ginn, da braucht Dir menger jo net.

Julia: Pardon Harry, et war net esou gemengt.

Den Harry an de Lucky hëllef dem Julia op d'Been.

Harry: Wat ass da mat Ärem Koffer geschitt?

Julia: De Lucky Luke seet, d'Daltons hätten e geklaut.

Harry: Hm, déi hunn ech elo just gesinn, déi haten iewer keng Wallis dobäi.

Lucky: Dann hu se se verstoppt?

Harry: Do sinn ech mir net esou sécher... *hie wennt sech un de Publikum* Wëst dir vläicht, wien der Joffer Julia hier Wallis huet? Aha, d'Panzerknacker!!!
Ech hat mir et scho bal geduecht.

Julia: Hëlleft dir zwee mir, d'Wallis erëmzefannen?

Lucky: Näischt léiwer wéi dat Miss.

Harry: Allez, mir no, mir sichen no de Panzerknacker!

Lucky: Ma déi kënnen eppes erliewen! Ech, die weltberühmte Lucky Luke, schnapen se... héchstperséinlech.

Interszen: De Lucky Luke gëtt virgestallt, zum Beispill an engem Interview fir de Fernseh.

Szen 5 – Wou ass d'Julia

De Romeo kënnt op d'Bühn.

Romeo: Et ass wéi verhext! D'Julia ass net op d'Gare komm. ... Dach, hatt ass einfach doheem bliwwen ... Hatt wëllt näischt méi mat mir ze dinn hunn!

Den Huck an de Max an de Moritz kommen op d'Bühn.

Huck: Éy Mann Romeo, gëtt et eppes Neits?

Romeo: Ech brénge mech ëm!

Max: Hues du d'Julia fond?

Romeo: Ech sprange vun der Bréck!

Moritz: Wat ass da lass mat dir?

Romeo: Ech geheie mech virun den Zuch.

Huck: Éy Mann, dat geet elo net. Ären Zuch ass viru genee véier Minutten hei fortgefuer. Du bass ze spéit un.

Romeo: Ze spéit, gesidd dir, ech hänke mech op.

Max: Nu maach iewer emol e Punkt!

Romeo: Mäi Julia huet mech sëtze gelooss. Hatt ass net op d'Gare komm.

Moritz: Dat ass net wouer. Mir hunn et hei gesinn.

Max: Genee, mir hunn hatt hei gesinn a mir hu säi Koffer hei gesinn. Also war hatt hei.

Romeo: Ass et wouer?

Huck: Yo Mann, kuck! Elo ass säi Koffer net méi do. Dat heescht...

Romeo: ... dat heescht...????

Huck: Ma ganz einfach, hatt ass e siche komm.

Max: Genee, soss sténg e jo nach hei. Logo!!

Romeo: Jo, dat ass logesch.

Moritz: Also, d'Julia huet d'Wallis a mir brauchen eis elo just op d'Sich no him ze maachen, an dann huet dir dien nächsten Zuch. Et fueren der jo genug.

Si ginn eraus. Iwwer dem Erausgoe freet den Huck.

Huck: Éy Mann, Romeo, wat war iwwerhaapt an dier Wallis dran, ech si jo zevill gespaant.

Romeo: ... hmmm, ech hu keng Ahnung, vläicht den Hochzäitsrack? *Hie kuckt verlieft an d'Loft*

Max: Oder Bréidercher a Schmieren, fir ënnerwee?

*Si komme laanscht dem Chef de Gare säi Panneau, a stoussen en ëm.
D'Ziedelen, déi de Chef de Gare grad opgehaangen hat, fléien duerch d'Luucht.
De Chef de Gare ass ausser sech.*

Chef de Gare: Nee, nee a nach eng Kéier nee!!! Elo war ech just fäerdeg. Sot haalt dir mech fir äeren Iesel. O waart, wann ech iech kréien, da wäert ech iech d'Ouere sou laang d'zéien an iech an der Luucht dréien, bis iech Zänn aus de Baken eraus wuessen... *un de Publikum* Also nee, hutt Dir déi Band do gesinn! Kee Respekt viru näischt a kengem. Ma déi missten emol die Panneau hei opriichten, da geséichen se emol wat dat fir eng Aarbecht ass. Mee déi do hu just Litti an Trallalla am Kapp, just Litti an Trallalla! Waart emol, wann déi eng Kéier bei de Patron kommen, déi wäerten sech nach wonneren!

De Chef de Gare fänkt nees un, d'Ziedelen opzehänken.

Szen 6 – D'Raiber gi beklaut.

Den Hänsel an d'Gretel kommen.

Gretel: Fir d'éischt hunn d'Vullen eis d'Brout gefriess, dunn huet d'Hex eis agespaart, an elo si mir op dier verfluchter Gare hei geland.

Hänsel: Ëmmer nach besser, wéi wann d'Hex eis geschluecht an zu Fierkelsjhelli verschafft hätt.

Gretel: Hänsel, ech well Heem. *Hatt kuckt op d'Auer* Geschwë fänkt Germanys Next Top Model un a mir lafen hei um Quai hin an hier a wëssen net wouhin.

Hänsel: Ech sinn ee Star, huet mech hei raus!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!

Den Hänsel leeft fort an d'Gretel leeft him no a probéiert hien mat sengem Kuerf ze schloen.

Déi dräi Panzerknacker kommen op d'Bühn. Si stellen d'Wallis op de Buedem a stellen sech ronderëm. Et gesäit een hinnen of, datt si et net kënnen ofwaarden, d'Walliss op ze maachen.

PZ1: Eng Wallis voller Dukaten... elo si mir endlech räich!

PZ3: Du mengs ech sinn elo endlech räich.

PZ2: Wéi mengs du dat?

PZ3: Ech hu se fir d'éischt gesinn. Also ass et meng.

PZ2: Ech hu se fir d'éischt ugepaakt, also ass et meng.

PZ3: Wann ech se net gesinn hätt, häss du se net kënnen upaken.

PZ2: Wann ech se net ugepaakt hätt, da wier se elo net hei.

PZ3: Dien se fir d'éischt gesäit, dien däerf se halen.

PZ2: Dien se fir d'éischt beréiert, dien däerf se halen.

Déi zwee fänken un zolitt ze streiden.

PZ1: Dajee, halt op! Elo hu mir endlech d'Dukaten, an da fänkt dir un ze streiden!

PZ3: Hal du dech do eraus!

PZ2: Wann s du mir déi Wallis elo net léis, zéien ech dir d'Oueren esou laang!

PZ1: Wann s du mir déi Wallis elo net léis, dréien ech dech dräimol an der Luucht ronderëm.

Während d'Panzerknacker ëmmer méi streiden schläichen sech d'Daltons heemlech un a klauen hinnen d'Wallis.

PZ3: Wann s du mir déi Wallis elo net léis, trëppelen ech dir op d'Zéiwen, dass du net méi riicht goe kanns.

PZ1: Ech rappen dech un den Hoer, bis du eng plakeg Kopp kriss.

PZ2: Ech jummen dech an den Himmel erop, bis du d'Stäre gesäis!

PZ3: Ech drécken dech esou déif an de Buedem, dass du op dier anerer Säit vun der Äerd nees erauskënns.

PZ1: Ech sëtzen dech an eng Rakéit a schécken dech bis op de Mound, da kënns du ni méi erëm.

PZ2: Ech tässelen esou vill Holz a Steng op dech, bis du platt bass wéi ee Su.

PZ3: Sot emoll!

PZ1: Ja, wat ass dann? Stéier mech net beim Streiden! Streiden ass eng eescht Saach!

PZ2: Hues du et och schonns gesinn?

PZ3: Jo, ech hunn et gesinn. Mir si beklaut ginn. Et si Gangsteren hei op der Gare.

PZ1: Een huet eis Wallis geklaut. ... Hëllef, Hëllef, Police, Gangstere sinn op der Gare. Mir si beklaut ginn.

Pz1&2&3: Hëllef. Police, Police!

Déi dräi lafe fort a fuchtele mat den Hänn an der Luucht. D'Daltons kucken hinnen no a si méi wéi zefridden.

Jack Dalton: Dir kennt jo bestëmmt d'Spréchwuert:

Averell Dalton: Wann der dräi streiden, ...

William Dalton: ... da freeën sech déi véier Daltons.

Joe Dalton: Money, Money, Money!

An och si verschwannen.

Szen 7 - Familljesträit

Dem Romeo an dem Julia seng Mamm a säi Papp kommen op d'Bühn.

Papp: Mäi Gott a mäin Här, Kanner sichen ass ustrengend.

Mamm: A wann et och nach déi eege Kanner sinn, dann ass et nach méi ustrengend!

Papp: Virdu konnt een sech nach esou gutt op déi Wallis hei sëtze fir ze raschten, mee elo ass déi och fort.

Mamm: *un de Publikum* Sot, dir do ennen, hutt dir net eise Romeo gesinn. Wësst der dee wonnerschéine, schmocke Kärel...

Papp: Entschëllegt Madame, soll eise Publikum de Romeo an d'Julia iwwerhaapt richtig kënne? (Déi maachen dach just Computerspiller a liesen net méi haut des Daags...)

Interszen: De Romeo an d'Julia gi virgestallt. De Romeo steet op dier enger Säit vun der Bühn, d'Julia op dier anerer. Si bekucken se net, hir Eltere kucken am Freeze no vir an de Publikum.

Romeo:

Oh Juliette, Oh Juliette, oh wéi ass et mir

Doheem kann ech net méi virun d'Dir

Ouni dass ech géing mat waarmen Häerz

Un dech denken, a séissem Schmäerz.

Juliette:

Oh Romeo, Oh Romeo, ma du muss dach wëssen

Mir zwee, mir wäerten eis ni këssen

Mäi Papp, meng Mamm a meng ganz Famill

Sinn all do dergéint, a si sinn zu vill

Romeo:

Oh Juliette, Oh Juliette, de Misär ass grouss

Batter a sauer, wéi Sauermouss

Ze grouss ass meng Léift, ze grouss den Désir

Wat géing ech drëm ginn, die schéinste Pläsir

Juliette:

Oh Romeo, Oh Romeo, mir geet et just d'selwecht

An jidderee soll et héiere, wa mäin Häerz elo brécht

Fir dech ging ech duerch all Feier goen

All Péng erdroen an all Gëft verdroen

Romeo:

Oh Juliette, Oh Juliette, virun dir knéien ech elo nidder

Fille mech ewéi dout, vir bäi an hanne widder

Ech kloen iech un, meng Schwëstere, meng Bridder

meng ganz Famill, wat sidd dir all midder

Juliette:

Oh Romeo, Oh Romeo, wéi Recht du dach hues

Mee trotz allem Leed ass eis Léift nach gewuess

Komm hei bei mech a maach net ze lues

Datt ech nach eemol dech këssen, ganz liicht, ... an op d'Nues

Papp: Do héiert Dir et selwer Madame. Déi zwee wëllen sech näischt soe loossen. An dobäi ass et dach kloer, datt Äre Romeo fir eist Julia keen Ëmgang ass.

Mamm: Ma do hutt dir vollkomme Recht, Monsieur. Ech géing wierklech kengem roden, sech mat esou enger Famill wéi eiser anzeleossen.

Et héiert ee Kaméidi vun hannert der Bühn.

Papp: A wat ass dat doten dann? Firwat héieren ech op eemol die Kaméidi?

Mamm: Kommt mir siche weider... et weess ee jo ni, wien sech alles erëmdreift hei op der Gare. Um Enn sinn et nach Gangsteren a Brigangen.

Si verloossen d'Bühn. Vun dier anerer Säit kommen den Harry Potter, de Lucky Luke an d'Julia mat dienen dräi gefesselte Panzerknacker.

Szen 8: Wien huet hei gelunn?

Lucky: Hu mir iech elo endlech, dir Wallissegauner!

Harry: Allez, eraus mat der Sprooch! Wou ass dem Julia säi Koffer?

Déi dräi Panzerknacker: Mir hunn en net!

Julia: Dir litt! Wou ass de Koffer?

Déi dräi Panzerknacker: Mir hunn en net!

Lucky: Hei, déi do ënnen *weist op de Publikum* hunn eis gesot, datt dir de Koffer geklaut hutt!

Déi dräi Panzerknacker: Mir hunn en net!

Harry: Wëllt dir domat soen, datt déi Kanner hei am Sall léien?!

Julia: Wëllt dir domat soen, datt si all Ligener wieren?!

Lucky: Allez, eraus mat der Sprooch, wou ass en?

Déi dräi Panzerknacker: Mir hunn en net!

Lucky: Ok, wéi dir wëllt, mir kënnen och anescht!

Hien zitt de Revolver.

Déi dräi Panzerknacker: Mir hunn en net ... méi!

Julia: Aha! Net méi?

Harry a Lucky: Dir hutt en net méi?

Déi dräi Panzerknacker: Mir hunn en net méi!

Lucky: Dat heescht, dir hat en?

PK1: Jo, mir haten en hei stoe gesinn...

PK2: ... jo, e stoung hei, an dunn hu mir en eben matgeholl.

PK3: Mir wollten en net esou alleng hei stoe loossen.

PK1: Um Enn hätt nach een e geklaut.

Harry: A wou ass en elo?

Déi dräi Panzerknacker: Mir kruten e geklaut.

Julia: Geklaut?

PK1: Jo, d'Daltons!

Lucky: Wat ass mat den Daltons?

PK2: Si hunn eis d'Wallis geklaut.

Harry: Ech ginn nach verréckt!

PK3: Et ass net eis Schold.

Lucky: Macht se lass, si hunn d'Wallis net.

D'Panzerknacker gi lassgebonnen a maachen sech séier vun der Bühn.

Julia: Harry, du kanns dach zauberen... kanns du mäi Koffer net nees heihinner zauberen?

Harry: Julia, ech mengen du hues meng Bicher och net gelies, soss weist du, datt dat hei fir mech net méiglech ass!

Si gi vun der Bühn.

Interszeen: Den Harry gëtt virgestallt, zum Beispill als Schattentheater.

Szen 8 – D'Wallis gött gutt verstoppt

Da kënnt Pippi Langstrumpf eran. Hatt bleift an der Mëtt vun der Bühn stoen, ass iewer ganz e Gedanken, a bemierkt net, wat ëm hatt geschitt. Hatt huet den Text vu sengem Lidd vergiess.

Pipi: 2 x 3 macht 4 – Widdewiddewitt und Drei macht Neune - Ich mach' mir die Welt - Widdewidde wie sie mir gefällt.

Hey - Pippi Langstrumpf - trallari trallahey tralla hoppersasa - Hey - Pippi Langstrumpf, - die macht, was ihr gefällt...

Waart, wéi war et scho méi... ah, elo wees ech et nees, sangt all mat!

Hey - Pippi Langstrumpf - trallari trallahey tralla hoppersasa - Hey - Pippi Langstrumpf, - die macht, was ihr gefällt.

Ich hab' ein Haus, - ein kunterbuntes Haus - ein Äffchen und ein Pferd, - die schauen dort zum Fenster raus. - Ich hab' ein Haus, - ein Äffchen und ein Pferd, - und Jeder, der uns mag, - kriegt unser 1 x 1 gelehrt.

D'Pippi geet.

2 x 3 macht 4 – Widdewiddewitt und Drei macht Neune - Ich mach' mir die Welt - Widdewidde wie sie mir gefällt.

D'Daltons kommen op d'Bühn.

Joe: Hutt dir gekuckt, ob keen eis nokomm ass.

Den Averell kuckt hannert sech.

Averell: Nee, do ass keen. Mir sinn a Sécherheet, d'Loft ass reng!

William: Hä, ech fannen et iewer zolitt stéckeg heibannen.

Jack: Et seet een, datt d'Loft reng ass, wann een a Sécherheet ass, wa keng Gefor dréit.

William: Wat soll eng Gefor dann droen?

Joe: Dajee, et ass elo gutt! Mir maachen elo d'Wallis op, an dann ziele mir Dollaren.

Jack: Ech kréien die gréissten Undeel, well ech hunn d'Wallis am wäitste geschleeft.

William: Gewass, ech kréien die gréissten Undeel, well ech hunn d'Wallis am beschte gedroen.

Averell: Nu maacht iewer emol eng Paus. Ech kréien die gréissten Undeel, well ech...

Joe *esou haart wie e kann* :
ROOOOOOUUUUUUUUUUUUEEEEEEEEEEGGGGGGGGGGG!

William: Wat glift, ech hunn dech net richtig verstanen.

Joe: Krenonzing am Schaf! Jidderee kritt die selwechten Deel.

Averell: Oppassen.... do kommen der.

Jack: Déi hunn eis grad nach gefeelt, den Huckleberry Finn an de Max an de Moritz.

William: Häss du net esou gebrëllt, dann hätten se eis net fond.

Joe: Séier elo, mir verstoppen de Koffer.

Si verstoppen de Koffer ënnert engem Teppech.

Den Huck an de Max an de Moritz dauchen op, wann de Koffer verstoppt ass.

Huck: Hu mir iech elo endlech dir Halunken! Wou ass dem Julia seng Wallis.

All d'Daltons: Mir hu se net!

Max *hie weist an de Publikum* : Ma sécher dat! Die ganze Sall huet gesinn, datt dir se de Panzerknacker ofgeluchst hutt.

All d'Daltons: Mir hu se net!

Moritz: Allez, eraus mat der Sprooch: wou ass d'Wallis?

All d'Daltons: Mir hu se net... méi!

Huck: A wou ass se dann?

All d'Daltons *schäinhelleg* : Mir hu se verluer!

Max: Verluer? Sot haalt dir eis fir blöd?

Averell: Jo!

Jack: Also nee!

Joe: Nee, mir hu se wierklech verluer.

William: Mir hunn ee Moment net opgepasst, an du war se fort.

All d'Daltons: Se war einfach fort. Mir hu se net!

Moritz: Esou eppes lieft dach net. Macht datt dir fort kommt, soss vergiessen ech mech nach op eemol.

William: Wéi kann ee sech da selwer vergiessen?

Joe: Dat seet een esou, an dat heescht, da schléit een een aneren zerguddst op d'Nues.

All d'Daltons: Allez hopp, näischt ewéi fort vun hei!

A fort sinn déi véier Daltons. Si komme laanscht dem Chef de Gare säi Panneau, a stoussen en ëm. D'Ziedelen, déi de Chef de Gare grad opgehaangen hat, fléien duerch d'Luucht. De Chef de Gare ass ausser sech.

Chef de Gare: Nee, nee a nach eng Kéier nee!!! Elo war ech just fäerdeg. Sot haalt dir mech fir äeren lesel. O waart, wann ech iech kréien, da wäert ech iech d'Ouere sou laang d'zéien an iech an der Luucht dréien, bis iech Zänn aus de Baken eraus wuessen... *un de Publikum* Also nee, hutt Dir dat gesinn, hutt dir dat wierklech gesinn. Wou bleift dann do de Respekt. Eiseree plot sech e Liewe laang, fir datt die Panneau hei riicht an zerguddst steet, an da kommen déi dohirlafan, näischnotzeg a hannerhälteg Fatzbeidelen do a maachen alles zum Onwee! Ma a wat fir enger Welt liewe mir dann! Ech froen iech just: a wat fir enger Welt, në!

De Chef de Gare fänkt nees un, d'Ziedelen opzehänken.

Max: Jo, laaft nëmmen, Äddi a gutt fort!

Huck: Hei sti mir elo domm ze kucken a mir si kee Meter weider. Vun der Wallis feelt ëmmer nach all Spur.

Si sëtzen sech op dien Teppech, ënnert deem d'Waliss läit.

Max: So Huck?

Huck: Ja Max.

Max: Du bass dach dem Tom Sawyer säi beschte Kolleg.

Huck: Jo Mann, dat sinn ech.

Moritz: Ma kanns du dien da net siche goen, fir eis ze hëllef.

Max: Du an hien, dir sidd voll dat krasst Team, ëmmerhin sidd dir den Indianer-Joe meeschter ginn.

Huck: Ma léif Jongen, dat ass alles scho ganz laang hier. Haut liewe mir an enger ganz anerer Welt.

Déi dräi gi vun der Bühn.

Interszen: Den Huckleberry Finn an den Tom Sawyer gi virgestallt, zum Beispill mat engem Lidd / Rap.

Szen 9 – De Koffer bleibt verschwonnen

De Chef de Gare kënnt botzen. Ënnert dem Teppech gesäit hien de Grëff vun engem Koffer. Hien zitt en eraus, kuckt sech e gutt un, rëselt de Kapp an hält e mat.

Kuerz drop kommen d'Daltons geschlach, fir de Koffer sichen ze kommen. Si wullen ënnert dem Teppech, verschwannen esouguer drënner, mee si fannen d'Wallis net.

Joe: Wou ass dee verfluchte Koffer hin? Hei hate mir en dach verstoppt.

Jack: En ass net méi do. Wien huet e geholl?

William: Mir sinn déi eenzeg, déi wëssen, wou e louch. Et muss also ee vun eis gewiescht sinn.

Averell: Ee vun eis muss heemlech heihinner komm sinn, an huet de Koffer geklaut.

Joe: Ech war et net. Ech sinn onschëlleg.

Jack: Ech war et och net.

William: Ech war et och net.

Averell: Wat bekuckt dir mech op eemol esou?

Joe & Jack & William: Wa keen et vun eis dräi war, da muss du et gewiescht sinn!

Averell: Ech weess vun näischt!

Joe & Jack & William: Wou ass de Koffer. Allez, eraus mat der Sprooch.

A si lafen dem Averell no, dien d'Welt net méi versteet.

Szen 10 – Wou ass de Koffer?

Krimismusik... een no diem aneren kënnt ëmmer nees vun enger anerer Säit op d'Bühn. D'Julia ass dat éischt.

Julia: Elo hunn ech alles verluer wat ech hunn. Mäi Koffer ass fort, mäin Heem an och nach mäi Romeo. Ech hunn héieren hien hätt eppes mat engem aneren. Wësst dir eppes dovun?

Vun dier anerer Säit kënnt de Lucky Luke.

Luke: Ech hunn déi Daltons ëmmer nach net geschnaapt. An dobäi sinn ech mir sécher, datt si de Koffer hunn. Mee wou ass en?

Elo kommen de Max an de Moritz eran.

Max: Nee, et sinn net Daltons, déi de Koffer hunn. Mir hu se ausgequetscht, an et ass näischt dobäi erauskomm.

Moritz: Mee wa si en net hunn, wien huet en dann? Et bleiwen da just nach ... d'Panzerknacker.

Dem Julia säi Papp kënnt eran.

Papp: Wou ass mäi Julia dann nëmmen hin? Hatt huet bestëmmt scho mat diem Fatzbeidel vu Romeo den Zuch geholl a si sinn an de Flitterwochen.

Den Harry Potter kënnt eran.

Harry: Hei muss de Lord Voldemort seng Fanger am Spill hunn. Hei verschwanne Leit an et verschwanne Wallissen. Do stëmmt eppes net. An ech hunn d'Gleis ningdräivéierel ëmmer nach net fond.

D'Panzerknacker kommen.

PK1: Do hat net vill gefeelt, Bal ware mir räich.

PK2: Jo, bal sëtzt d'Maus an der Fal. An um Enn si mir nees déi Domm.

PK3: Esou wéi ëmmer. Mee die Koffer muss dach nach iergendwou ze fanne sinn!

Dem Romeo seng Mamm kënnt.

Mamm: Dat hei ass eng richtig Tragedie! Se kënnt nawell vum Shakespeare sinn, dien huet seng Persounen och ëmmer esou gepéngt. Romeo, oh Romeo, wou bass du nëmme mäi gudde Jong?

Dono kënnt den Huck.

Huck: Yo Mann, wat fir een Duercherneen. Du mengs du wiers am déifste Mississippi hei. An dobäi wësse mir nach ëmmer net, wou die verfluchte Koffer vum Julia ass.

An elo kënnt de Romeo.

Romeo: Dëst sollt die schéinsten Dag an eisem Liewe ginn, mat menger Häerzallerléifster Julia sollt ech op d'Hochzäitsrees, mee hatt huet mech sëtze

gelooss, a sech mat engem aneren duerch d'Bascht gemaach. Vun him a vu sengem Koffer feelt all Spur.

Wann dien die ganzen Text bestelle wëllt:

meyerr@gms.lu